GEMENG PRÉIZERDAUL

Rapport BiergerAtelier

20. Februar 2018

Centre Culturel Op der Fabrik

PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

energie atelier

Freizeit
Mobilität
BUS

THEMA 1: Verkéiersberouegung *(16 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Rëmmereger Zone 30: • Méi promouvéieren • Schëlter & Warnsignaler opstellen • Panneau'en déi d'Vitesse miessen • Kontrolle vun der Police • Einbahnstroossen • Sensibiliséierung vun den Awunner	D 'Awunner solle méi sensibiliséiert ginn iwwert 30er Zone an eiser Gemeng. Eng Ëmfro soll organiséiert ginn zum Aféieren vun Einbahn-Stroossen. D 'Police soll regelméisseg gefrot gi fir Vitesse-Kontrollen op eise Stroossen. Intelligent Ralentisseure sprenge leider de Budget (ca. 50 000€).
Vitessekontrollen am ganzen Duerf	
Park-Verbuet op den Trottoiren	
Bau vun engem Trottoire an der Buregaass	D 'Situatioun an der *Buregaass* gëtt analyséiert fir d 'Sécherheet vun de Foussgänger ze garantéieren.
Bauschuttdeponie: Entlaaschtung vum Verkéier op der Haaptstrooss & Horas	Korrektioun p.r. zum Buet: D'Gemeng huet eng **30er Zone** fir Schwéierlaaschtverkéier (> 3,5t) an der *Rue de la Grotte* an *Rue de Folschette ugefrot, kee Verbuet.*

THEMA 2: Mobilitéit *(14 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Eng direkt Buslinn vum Daul op Miersch	Ass am Kader vun der Reorganisatioun vum RGTR-Réseau 2019/20 ugefrot ginn beim MDDI.
Bus-Verbindungen Daul – Stad – Daul no 18:00	Idem
Am Kinnebësch de Rondpoint wegmaachen: Bus!	Et ass festgehal ginn, dass de Rondpoint zur Verkéiersberouegung bäidreit.
Fousweeër besser beliichten	Ab nächstem Joer sollen all Zebrasträifen op den Haaptstroossen eng konform LED-Beliichtung kréien
Méi Bänken & Poubellen opriichten	Ass opgeholl ginn, dëst Joer komme 4 Poubellen zu Platen bäi.
Fahrgemeinschaften organiséieren	D'Gemeng wäert sech mam Réidener Kanton un di national App vu Fahrgemeinschaften drunhänken, déi am Fréijor soll publik gemat ginn.
Navette fir Musikschoul, Schwammtraining organiséieren	Hei soll mat de Veräiner zesummegeschafft ginn fir hier Memberen ze sensibiliséieren.
Vëlosubannung un den ALR	De Syndikat vum Réidener Kanton huet eng Machbarkeets-Studie an Optrag ginn. Et gëtt aktuell nom bescht méiglechen Tracé gekuckt.
Velosweeër fir den Autosverkéier sperren	D'Reglementéierung vun de Feldweeër wäert am Gemengerot diskutéiert ginn.
D'Kanner ginn dru gewinnt iwwerall mam Auto higefouert ze ginn	Hei proposéiert d'Gemeng dass sech den Aarbechtsgrupp mat dem Léierpersonal zesummensëtzt fir eng Aktioun op d'Been ze stellen. Op d'Bus-Arrêten solle Biller nieft de Nimm kommen.

THEMA 3: Patrimoine *(14 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Entretien vum Michel Lucius Denkmal	D'Gemeng bekëmmert sech ëm den Entretien vun dësem Denkmal.
Kulturelle Patrimoine (Kapellen, Weekräizer, al Haiser) erhalen	Am Kader vum PAG ass eng Etude gemat ginn fir déi schützenswäert Bauten an eiser Gemeng ze definéieren fir an di kommunal Klassifikatioun opzehuelen.
Geschicht opschaffen	D'Chroniken iwwert eis Gemeng vum Här Fisch gi bis 1980, di lescht 37 Joer sinn deemno net festgehal. Dëst kinnt vun interesséierte Bierger an d'Hand geholl ginn.
Erhalen vum Patrimoine architectural: d'Leit op mannst mol informéieren, besser froen, éiert e Gebai klasséiert gëtt	Eng Info-Versammlung fënnt den 29. Mee bei eis an der Gemeng zu dësem Thema mat Sites et Monument statt.
Denkmalschutz Duerfbild, Ensemble-Schutz	Och dës Elementer sinn an der Etude vum PAG analyséiert ginn.

Et ass am gaang ee LEADER-Projet ausgeschafft ze ginn fir Dokumenter vu Lokal- an Duerfgeschicht ze digitaliséieren an op engem Zentralserver der Öffentlechkeet zougänglech ze maachen.
Op de Wonsch hinn fir all geschichtlech Dokumenter zentral ze conservéieren, kuckt d'Gemeng fir ee Raum à moyen terme heifir zur Verfügung ze stellen.
D'Gemeng ënnerstëtzt och d'Propose fir d'Amis de l'Histoire ze reactivéieieren fir sou d'Chronik vun der Gemeng weiderhinn ze pflegen. Wann sech hei interesséiert Bierger fannen, kennen si mam Här Claude Steichen (Mail: claude.steichen@gmail.com) Kontakt ophuelen.

THEMA 4: Zesummeliewen *(14 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Zesummeliewen tëschent Al a Jonk förderen, een Treffpunkt schafen wou Diskussioun iwwert wat an der Welt sou geschitt	D'Gemeng proposéiert de Sall Op der Fabrik, dee fir den Chill-Out zur Verfügung steet, fir Stammdëscher zu verschiddenen Themen ze notzen. De Choix vun den Themen an d 'Organisatioun kann zesumme mat der Integratiounskommissioun gemat ginn. Wat dat betreit Wunnen an eiser Gemeng ugeet, wäerten sech eis Gemengeresponsabel informéieren. Zesumme mat dem Dauler Atelier soll eng Wëllkommens-Broschüre entwéckelt ginn. Hei sollen all Informatiounen zu Veräiner, Schoul, Bus-Horairen, Wander- a Vëlosweeër, lokalem Commerce an Treffpunkter drastoen. De Schäfferot appréciéiert d'Efforten vun der Integratiounskommissioun iwwer di leschte Joren, wou ganz flott Aktivitéiten wéi d'*Cuisine du Monde*, d'*Nopeschfest*,... organiséiert goufen. Zesumme mat dëser Kommissioun soll gekuckt ginn, wéi dës Aktiounen an Zukunft kënnen weiderentwéckelt ginn. Eng Réunioun vun der Integratiounskommissioun mam LEADER wäert organiséiert ginn fir Méiglechkeeten fir eng eventuell Ënnerstetzung fir ee partizipative Gemengeprojet an dem Bëräich Zesummeliewen unzestriewen.
Strukture schafen fir betreit Wunnen am Alter	
Nei bäigezunne Bierger iwwert Veräiner besser integréieren	
Besser Integratioun vu neien Awunner an d'Duerf- a Veräinsliewen	
3. Alter valoriséieren	

THEMA 5: Energie *(11 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Wasserrad op der Fabrik net nëmmen Deko mee och Energieproduktioun	Dës Themen wäerten an enger Aarbechtssëtzung am Kader vum Klimapakt diskutéiert ginn.
Waasserenergie promouvéieren	
Bei ekologesche Projeten d'Wirtschaftlechkeet och berücksichtegen	
Weider Energiekonzepter ausschaffen	
Och ekologesch denken bei Luxusobjekter	
Jidderee soll säin eegenen Energieproduzent ginn! Energiespuere ass prioritär!	
Gemengen sollen eng autark Energieversuergung ustriewen	

THEMA 6: Nohalteg Liewen *(9 Punkten)*	
Iddien	**Analyse vum Schäfferot**
Gesond a regional Ernährung	Et ass virgeschlo ginn, dass mat der Integratiounskommissioun Kach-Treffen fir Kanner an hier Elteren kinnten ugebuede ginn. Flott Initiativen kinnten och mam Veräin TERRA organiséiert ginn.
Nohaltege Konsum förderen an de Maison Relais & Schoulen	Et gëtt och gekuckt fir eng Konferenz zu dësem Thema unzebidden.
Bourse fir Verléinen vu Geschier,... op lokalem Plang ariichten	Dës „Bourse“ kinnt vun der Integratiounskommissioun opgegraff ginn, mat Ënnerstëtzung vun der Gemeng.

THEMA 7: Tourismus *(6 Punkten)*	
Iddien	**Analyse vum Schäfferot**
Een Autopédestre duerch eng Attraktioun opwerten (zB Planetenwanderweg)	Et ass zréckbehale ginn, fir Themeweeër z'entwéckelen, mat engem Thema dat een direkte Bezuch zu eiser Gemeng huet.
Tourisme: Altituden zeechnen, Bänken op der Gewan sollen all ee Numm kréien	Dëst ass festgehal ginn, bei der nächster Lackéierung vun de Bänken iwwert de Wanter, soll op all Bänk ee Numm opgedroe ginn.
Roudbaach: Vu Platen aus een Accès fir de Public bei di renaturéiert Baach schafen mat Bänk & Poubelle	De Schäfferot hëllt dës Iddi mat op.

THEMA 8: Fräizäit *(4 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Nach eng Spillplaz ariichten, wa méiglech am Bësch	D'Spillplaze sinn all analyséiert ginn an et ass festgestallt ginn, dass se an engem schlechten Zoustand sinn. Ab 2019 sti finanziell Mëttel zur Verfügung fir di bestehend Spillplazen rëm an ee gudden Zoustand ze brengen.
Eng grouss Rutschbahn am Schoulhaff fir d'Kanner: ab 2. Stack Post	
Spillplatz zu Protz	
Petanquepiste	Beim Café „Beim Renée" wäert eng Petanquespiste nach dëst Joer entstoen.
Hondstoiletten	Et gi Gassi-Boxen opgeriicht.
Hondsspillplaazen: Abenteuerspillplaz fir Muppen aus Naturholz (Fabrik, Op der Wiss,...) gläichzäiteg Treffpunkt	Fir d'éischt ginn d'Kannerspillplazen renovéiert.
Fitnessparcours op der Mulchpist zu Rëmmerech aus Naturholz	
Aus sonnenenergie gespeiste Luuchten déi am Wanter de Laafparcours 2x an der Woch owes beliichten fir d'Leefer no der Aarbecht	Dës Iddi ass aus Genehmegungsgrënn net zréckbehale ginn.

THEMA 9: Kommunikation *(3 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Gemengenzeitung 1x/Joer mat Statistiken iwwer d'Entwécklung vun der Gemeng	Dës Iddi ass opgeholl ginn.
Kommunikatioun vun de Veräiner un d'Bierger	De Buet steet all de Veräiner als Kommunikatiounsmëttel zur Verfügung.

THEMA 10: Jugend *(2 Punkten)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Encadrement vun de Jonken a Jugendlëchen	De Schäfferot kuckt sech dëser Thematik an de nächste Joren unzehuelen.
Jugend responsabiliséieren	
Infrastrukture fir d'Jugend schafen	

THEMA 11: Lokal Wirtschaft *(1 Punkt)*

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Lokal Wirtschaft förderen	Hei ënnerstëtzt d'Gemeng déi Initiativen, déi um kantonale Plang entwéckelt goufen: Kooperative Vun der Atert : vunderatert.lu gringgo Beki: beki.lu Kooperativ Gringgo: gringgo.lu
Vermarktung vu lokalen a regionale Produkter	

THEMA 12: Soss Iddien

Iddien	Analyse vum Schäfferot
Beschkierfecht	Den Dauler Atelier ass mat dësem Projet beoptragt ginn.
Fauchage tardif a Fro stellen	Des Thematik soll vum Waasserhaus behandelt ginn (Buet,...).
All Schandfléck an eiser Gemeng besäitegen	Mir maachen eis bescht an hoffen, dass all Bierger säin Deel heizou bäidréit!
Sportshal: 4 Vëlos Home-Trainer an d'Veranda setzen fir eis Sportler	D'Gemeng freet no, ob si vum Sportsministère ee Subside kënne kréien.
Kläranlage	Ass um laafen, eis Uertschaft gëtt un d'Kläranlag vu Béiwen ugeschloss.
Verseuchte Bauschutt am Braakegäertechen	Dëst ass eng national Problematik a mir waarden op eng Stellungnahm vum Ministère, wat mat de verseuchte Biedem soll geschéien.